

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Digitalminister an d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Op der App "meine Pegel" vum Hochwasserportal, enger Initiativ vun den däitsche Bundeslänner, kann een iwwer 2.500 Peeegelstänn aus Däitschland an Holland nokucken. Bis elo war aus Lëtzebuerg just de Stand vun der Sauer zu Bollenduerf ze kucken an elo rezent, op Nofro hin och d'Sauer zu Rouspert.

Wéi déi feelend Virwarnungen am Kader vun der rezenter Héichwaasserkatastroph gewisen hunn, ass et awer wichteg, datt d'Leit sech méiglechst séier iwwer sämtlech, si betreffend Peeegelstänn kënnen informéieren. Hei kéint dës App nätzlech sinn.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- 1) Kéint d'Regierung sech virstellen, eng zäitno Initiative ze huelen, fir sämtlech national Peeegelstänn an dës App ze integréieren? Wa jo, a wéi engen Delaien? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten